

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture	8
Référence : 695/2024	
31 OCT. 2024	
A traiter par :	
Copie à :	

Monsieur Claude Wiseler
 Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2024

Här Präident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz a fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

D'ONGe Bloom a Foodwatch hu kierzlech Resultater verëffentlecht, no deenen all 148 gepréifte Béchsen Thon mat Quecksëlwer kontaminéiert gewiescht wieren. 10 % hätten déi toleréiert Norm vun 1mg/kg fir Thon verletzt an 57 % wieren iwwert déi generell Norm fir aner Fëschzorten vun 0,3mg/kg gaangen. Den Thon als grouse Raubfësch ass besonnesch oft duerch Bioaccumulation mat Quecksëlwer kontaminéiert. Der Weltgesundheitsorganisatioun no gehéiert Quecksëlwer zu den zéng geféierlechsten Stoffen fir d'Gesondheet. Dobäi kënnt, datt besonnesch schwanger Fraen a Kanner dës Gefor ausgesat sinn.

An deem Zesammenhang wëll ech folgend Froe stellen:

- Huet d'ALVA scho Kontrollen zur Sécherheet vun Thonsbéchsen, respektiv Thon am allgemenge gemaacht? Wat ass dobäi eraus komm? Wa net, firwat net?
- Wéi wëll d'Ministesch fir Konsumenteschutz sécherstellen, datt vulnerabel Gruppe besser geschützt (z.B. duerch eng Limitation vum Thon an aner grouse Raubfësch an de Schoulkantinnen) an iwwert d'Risiko vum Konsum informéiert ginn?
- Wéi steet d'Regierung zur Fuerderung vun den ONGen, den toleréierte Quecksëlwergehalt fir Thon vun 1mg/kg op 0,3mg/kg erofzesetzen?
- Wëll d'Regierung sech op EU-Niveau dofir asetzen, datt manner Quecksëlwer a Liewensmëttel, a notament am Fësch ze fannen ass? Wa jo, wéi?

Mat déiwem Respekt,



Claire Delcourt
 Deputéiert



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau an der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1451 vun den éierbarer Deputéiert Claire Delcourt

Huet d' ALVA scho Kontrollen zur Sécherheet vun Thonbéchsen, respektiv Thon am allgemenge gemaacht? Wat ass dobäi erauskomm? Wa net, firwat net?

Virun der Grënnung vun der ALVA am Joer 2022 hat d'Veterinärsverwaltung (ASV) d'Aufgab, **d'national Produktioun** vun Déiereproduiten zu Lëtzebuerg ze iwwerwaachen, gemäß der Direktiv 96/23/EG vum Conseil vum 29. Abrëll 1996. De Kompetenzberäich vun der ASV huet déi maritim Fëscherei net mat abegraff, wat zu engem Mangel un Daten an dësem Beräich gefouert huet. Et soll och bemierkt ginn, datt kleng Länner wéi Lëtzebuerg duerch dës Reguléierung mat enger disproportionell héijer Zuel u Prouwen, am Verglach zu hirer nationaler Produktioun vu Fleesch, Eeër, Mëlch, asw., konfrontéiert waren. Och wann dës Ufuerderungen erfüllt goufen, huet dat wéineg Flexibilitéit gelooss, fir zousätzlech Kontrollen ausserhalb vum regulatoresche Kader duerchzuführen.

Am Bewosstsi vun der Noutwendegkeet vun enger ëmfaassender Iwwerwaachung an am Kader vu gesetzleche Modifikatiounen, déi d' Zuel vun den obligatoresche Prouwe reduzéieren, engagéiert sech d'ALVA aktiv, fir dëse Mangel u Daten ze behiewen. Dëst wäert och Efforte fir d' Verbesserung vun der Sammlung an der Analyse vun Informatiounen betreffend Fëscherei-Produiten ëmfaassen, fir eng adequat Äntwert op sanitär Erausforderungen an dësem Beräich ze garantéieren.

Gemäß der Recommandatioun (EU) 2022/1342 vun der Kommissioun vum 28. Juli 2022 iwwer d' Kontroll vu Quecksëlwer bei Fësch, Kriibsen a Muschelen, ginn d'Analyse weidergefouert an net-konform Produkter vum Maart ewechgeholl. Wann e Risiko fir de Konsument net ausgeschloss ka ginn, ginn déi betraffe Produkter och vum Konsument zeréckgeruff.

Et ass ze bemierken, datt déi maximal Limitten, déi aktuell gëllen, op frësch Produkter ugewannt ginn – fir d' Uwendung vun de maximale Limitten a veraarbechte Produkter muss een och aner potenziell Quelle vu Methylquecksëlwer, wéi zum Beispill Salz, berücksichtegen.

Aktuell ass Lëtzebuerg net vun enger Liewensmëttelwarnung am Kader vum Schnellwarnsystem (RASFF) vun der Kommissioun betraff (Stand: 25 November 2024). Am Fall vun enger Warnung wäert d'ALVA déi néideg Moosnamen huelen, fir de potenzielle Risiko ze bewäerten an déi entsprechend Aktiounen ëmzesetzen, dat heescht déi betraffe Produkter vum Maart ze huelen an e Réckruff bei de Konsumenten ze starten, wann e Gesondheitsrisiko net ausgeschloss ka ginn.

Aktuell Informatiounen iwwert Réckruff vu Liewensmëttel a Fuddermëttel fannt dir op eisem Portal fir Liewensmëttelsécherheet:

Vum 4. November u ginn d'Reckriff vu Liewensmëttel a Fuddermëttel och iwwer zwee LU-Alert Kanäl kommunizéiert: déi nei Internetsäit www.lu-alert.lu an d'LU-Alert App (verfügbar am Google Play Store an am Apple Store)

Wéi wëll d' Ministesch fir Konsumenteschutz sécherstellen, datt vulnerabel Gruppe besser geschützt (z.B. duerch eng Limitatioun vum Thon an aner grouse Raubfësch an de Schoulkantinnen) an iwwert d' Risike vum Konsum informéiert ginn?

D'ALVA huet eng Informatiounsfiche iwwer de Methylquecksëlwer am Fësch publizéiert: <https://securite-alimentaire.public.lu/fr/publications/fiches/mercure-thon.html>

Wéi steet d'Regierung zur Forderung vun den ONGen, den toleréierte Quecksëlwergehalt fir Thon vun 1mg/kg op 0,3mg/kg erofzesetzen?

D'Recommandatioun (EU) 2022/1342 vun der Kommissioun vum 28. Juli 2022 iwwert d' Kontroll vu Quecksëlwer bei Fësch, Kriibsen a Muschele verlaangt vun de Memberstaaten, an de Joren 2022, 2023, 2024 an 2025 d' Präsenz vu Methylquecksëlwer an totalem Quecksëlwer bei Fësch, Kriibsen a Muschelen ze kontrolléieren. D'Iwwerwaachung soll eng grouss Villfalt u Fësch-, Kriibsen- a Muschelzorte ofdecken an d'Konsumentegewunnechte reflektéieren, fir eng präzis Schätzung vun der Quecksëlwerbelaaschtung bei de Konsumenten ze erméiglechen. Dës Etüden déi bei der EFSA zentraliséiert ginn zielen drop of, d'Kontaminatioun vun dese Mieresproduiten ze bewäerten, an dat ënner Berücksichtigung vun de verschiddenen Quelle. Dese Monitoring dréit dozou bei, d'Expositioun vun Konsument nei ze bewäerten an déngt als Basis fir, falls neidesch, di aktuell gëllent EU-Limite ze senken. D'Regierung well d'Resultater vun dieser Datekollektioun, bei där d'ALVA och matschafft, ofwaarde fir dann am Kader vun den europäeschen Expert-Aarbechtsgruppen iwwert Reduktioune vun Héchstmengen fir déi ganz EU ze diskutéieren.

Laut dem Avis vun der Europäescher Autoritéit fir Liewensméttelsécherheet (EFSA) aus dem Joer 2014, ass et onwarscheinlech, datt di aktuell Duerchschnitts-Expositioun vu Methylquecksëlwer, déi duerch Liewensméttel kënnt, d'wéchentlech toleréiert Dosis (Dose hebdomadaire tolérable) iwwerschreit. Allerdéngs ass dese Risiko erhéicht bei Persounen, déi reegelméisseg a grouss Quantitéite Fësch iessen, besonnesch wann si och an aner Quelle vu Quecksëlwer exposéiert sinn.

Wéll d'Regierung sech op EU-Niveau dofir asetzen, datt manner Quecksëlwer a Liewensméttel a notamment am Fësch ze fannen ass? Wa jo, wéi?

D'ALVA suivéiert d' Diskussiounen an de Aarbechtsgruppe bei der Kommissioun zu Bréissel a wäert, wann néideg, d'Reduzéierung vun de Limite fir Quecksëlwer ënnerstëtzen, fir esou de Schutz vun der Gesondheet vun Konsument ze garantéieren.

Referenzen:

1. J. Burger, M. Gochfeld, Mercury in canned tuna: white versus light and temporal variation. *Environ Res* **96**, 239-249 (2004).
2. G. Kumar, Mercury Concentrations in Fresh and Canned Tuna: A Review. *Reviews in Fisheries Science & Aquaculture* **26**, 111-120 (2017).
3. O. Miedico *et al.*, Lead, cadmium and mercury in canned and unprocessed tuna: six-years monitoring survey, comparison with previous studies and recommended tolerable limits. *Journal of Food Composition and Analysis* **94** (2020).
4. A. Médiou *et al.*, Evidence that Pacific tuna mercury levels are driven by marine methylmercury production and anthropogenic inputs. *Proc Natl Acad Sci U S A* **119** (2022).
5. A. Médiou *et al.*, Stable Tuna Mercury Concentrations since 1971 Illustrate Marine Inertia and the Need for Strong Emission Reductions under the Minamata Convention. *Environmental Science & Technology Letters* **11**, 250-258 (2024).
6. European Food Safety Authority (EFSA), Opinion of the Scientific Panel on Contaminants in the Food Chain on a request from the Commission related to mercury and methylmercury in food. *EFSA J* **34**, 1-14 (2004).
7. European Food Safety Authority (EFSA), Scientific Opinion on the risk for public health related to the presence of mercury and methylmercury in food. *EFSA Journal* **10** (2012).
8. European Food Safety Authority (EFSA), Statement on the benefits of fish/seafood consumption compared to the risks of methylmercury in fish/seafood. *EFSA Journal* **13** (2015).
9. Bundesinstitut für Risikobewertung (BfR) (2008) Verbrauchertipp für Schwangere und Stillende, den Verzehr von Thunfisch einzuschränken, hat weiterhin Gültigkeit.
10. Bundesinstitut für Risikobewertung (BfR) (2023) Fischverzehr in Schwangerschaft und Stillzeit: Einige Fischarten weisen hohe Methylquecksilber-Gehalte auf.
11. Bundesinstitut für Risikobewertung (BfR) (2023) Methylquecksilber in Fisch und Meeresfrüchten – gesundheitliche Bewertung neuer Daten aus der BfR MEAL-Studie.
12. Agence nationale de sécurité sanitaire de l'alimentation de l'environnement et du travail (ANSES) (2024) Méthylmercure : un risque pour la santé en cas de consommation importante de poissons publié le 24.10.2024.

13. Conseil de l'Union Européenne (1996) Directive 96/23/CE du Conseil, du 29 avril 1996, relative aux mesures de contrôle à mettre en oeuvre à l'égard de certaines substances et de leurs résidus dans les animaux vivants et leurs produits et abrogeant les directives 85/358/CEE et 86/469/CEE et les décisions 89/187/CEE et 91/664/CEE.
14. Commission Européenne (2022) Règlement délégué (UE) 2022/1644 de la Commission du 7 juillet 2022 complétant le règlement (UE) 2017/625 du Parlement européen et du Conseil par des exigences spécifiques pour la réalisation des contrôles officiels de l'utilisation des substances pharmacologiquement actives autorisées en tant que médicaments vétérinaires ou en tant qu'additifs destinés à l'alimentation des animaux et des substances pharmacologiquement actives interdites ou non autorisées et de leurs résidus.
15. Commission Européenne, Règlement délégué (UE) 2022/931 de la Commission du 23 mars 2022 complétant le règlement (UE) 2017/625 du Parlement européen et du Conseil en établissant des règles pour la réalisation des contrôles officiels en ce qui concerne les contaminants dans les denrées alimentaires. (2022).
16. European Commission (2022) Commission Recommendation (EU) 2022/1342 of 28 July 2022 on the monitoring of mercury in fish, crustaceans and molluscs.

Lëtzebuerg, den 25. November 2024

(s.) Martine Hansen

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau